Association des Enrôlés de Force | Victimes du Nazisme

A. S. B. L.

Luxembourg
9, rue du Fort Elisabeth
C. C. P. 313 24
Boîte Postale 2415
Luxembourg-Gare

Luxembourg, le 23.1.80

Préavis un all Sectio'nen.

Le'f Komerôdinnen an Komerôden.

Am Numm vum Comité Central wönschen mir Iech allegeuerten op President, Comitésmember oder Member, vill Gleck, awer virun allem eng gudd Gesondhet fir d'Jôer 1980.

Ganz besonnesch op döst Jôer 1980 hun mir gro'ss Hoffnungen gesât wât d'Le'sung vun onsem Problem (Wémännerung vum Dommage de Guerre Gesetz) ubelângt. Weider hun mir ons eng nei Charge mat der Restauration vun der Hollerecher Gare opgelueden. De Moment fir d:hänn an de Scho'ss ze le'en ass also nach nöt dô.

An dösem Moment sin mir derbei den Nationalcongress zu prépare'eren, dien aller Wahrscheinlechket nô döst Jôer zu Dideleng gent Enn Abröl organise'ert gött.

Dir sollt elô schon Er Delegue'ert bestömmen awer och Er Kritiken oder Propositio'nen sowe' Frôen zesummenfâssen an schröftlech eranschecken wann Dir Sie gèren um Congress behandelt hätt.

Ganz besonnesch awer hätten mir gèren Er Propositionen fir de Ruban en or resp. argent bis den 1.Abröl eran.Et sief awer drun erönnert dass d:Mériten vun den Propose'erten an Kurzform sollen vermierkt gin.Aus dösem Gronn rapelle'eren mir den Artikel N.4 aus dem Réglement vum 25.6.64. iwert d'Zo'spriechen vum Ruban en Or a vum Ruban en Argent.

" Ausgezechent können nömmen Memberen an E'rememberen vun der Association gin:

a) Mat dem " Ruban en Argent":

1)Fir ausserge'nlech Verdengschter öm d'Sâch vun den Enrôlés.Erfistreichend Aktivite't vun de Sektio'nen.Opfâlend gudd Organisation vun der betreffender Sektion.Aussergewe'nlech Léschtungen

2)Fir lângjähreg trei Memberschâft am Dengscht vun der Association.Memberen oder E'rememberen, de' sech perse'nlech durch lângjähreg trei Dingschter am Kader vun der Association auszechnen.Sektionsgröndungen,Versammlungen ôfhâlen, activ Matthöllef an der Sektion, an der Rédaktion vum Bulletin, Relationen am Intérêt vun der Association resp. Féderation hierzestellen

b) Mat dem Ruban en or.

Fir d'Verdingschter de' durch eng he'her Reconnaissance als de Ruban en argent mussen gewierdegt gin."

verte.

Me genau Détailler iwer de Congress kritt Dir speder matgedelt.
Mat komerodschaftlechen Gre'ss:

Bolmer J.P. Jacob B.